

# Der Dorfplatz, ein Zentrum für Begegnungen

## Feierliche Einweihung des Kirchplatzes in Biber

Am Donnerstag Nachmittag wurde in Biber der restaurierte Kirchplatz feierlich eingeweiht. Der Bürgermeister der Gemeinde Biber, Nicolas Soisson, konnte zu dieser Gelegenheit neben vielen Einwohnern, der „Musik von der Gemeng Biber“, die die Einweihung festlich umrahmte, der Feuerwehr, den Schöffen und Räten der Gemeinde Biber zahlreiche Ehrengäste begrüßen. Neben den Deputierten Marie-Josée Meyers-Frank, Nicolas Strotz und Lucien Clement, waren auch Distriktkommissar Jean-Pierre Sinner sowie Minister Fernand Boden, dem von Joëlle Weis ein Blumenstrauß überreicht wurde, der Einladung gefolgt. Auch waren etliche Vertreter der Nachbargemeinden anwesend.



Ein Teil der Ehrengäste, unter ihnen Minister Fernand Boden

Bei seiner Rede bedankte sich Nicolas Soisson zuerst bei allen, die an der Verwirklichung beteiligt waren.

Neben dem restaurierten Bahnhofplatz in Wecker sei der Kirchplatz in Biber ein weiteres großes Projekt gewesen, das der noch amtierende Gemeinderat realisierte. Der Ursprung der Restaurierung sei im Gemeindeentwicklungsplan zu suchen, und das Ziel sei es gewesen, im Kirchplatz das Zentrum für Begegnungen aller Einwohner der Gemeinde zu sehen, nicht ohne die Erhaltung des Dorfcharakters zu berücksichtigen. Die Straßen, die viel zu breit und zu gefährlich waren, wurden verengt, der Platz wurde vergrößert, die umliegenden Straßen am Breil, Kierchstrooss, Millescheck und om Knapp wurden renoviert, alle Strom- und Telefonmasten wurden durch unterirdische Leitungen ersetzt und es wurde ein Brunnen installiert, der den Dorfcharakter noch betonen soll. Um das ländliche Bild zu vervollständigen, wurden zahlreiche Grünzonen sowie Sitzbänke installiert. Auch wurden elf Parkplätze installiert.

Die Bauarbeiten, die im Februar 1997 begannen, waren im Juni 1998

beendet. Der Kostenpunkt der Renovierung beläuft sich auf 38 700 000 F. Verantwortlich zeichneten TR-Engineering, Luxemburg und Marcel Niederweis, Architekt aus Echternach. Die Arbeiten wurden vom Unternehmen LUX TP aus Sandweiler ausgeführt.

Abschließend erwähnte Nicolas Soisson, dass u.a. der Umbau des „Theilenhauses“ in Biber, die Renovierung des Schwimmbades in Biber sowie die Umgestaltung der „Cité Syrdall“ in Wecker in ein schönes Wohngebiet, die großen Projekte für die nächsten Jahre seien. Minister Fernand Boden beglückwünschte die Einwohner der Gemeinde Biber zu ihrem schönen restaurierten Kirchplatz. Dank der Zusammenarbeit zwischen Fachleuten und Einwohnern sei diese Renovierung ein Erfolg geworden. Es sei sehr wichtig, den ländlichen Charakter eines Dorfes zu erhalten, da in der heutigen Zeit viele Menschen nach dem Alltagsstress die Geruhigkeit eines Dorfes suchen, so der Minister. Der Kirchplatz sei seit jeher immer der Zentrum des Dorfes gewesen, wo sich die Menschen nach dem Kirchgang treffen. Dies stelle in Biber, dank der gelungenen Renovierung, kein Problem mehr dar. Auch in punkto „Cité Syrdall“ versprach Fernand Boden, sein Möglichstes zu tun, um einen reibungslosen Ablauf der Umandierungsarbeiten zu garantieren.

Pater Pauly, der den erkrankten Pfarrer Paul Emeringer ersetzt, segnete anschließend den Kirchplatz.

Nach einem Rundgang durch die renovierten Straßen lud die Gemeinde zu einem Ehrenwein in der Gemeindesaal ein. V.M.



Der renovierte Kirchplatz

(Photos: Viviane Storis)

### Gréiwemaacher

## Parzelläinspopen an Teddybiere, fir sech dran ze verléiwen

### Déi schéin Ausstellung an der Kellerei Bernard-Massard as nach bis den 31. Oktober op



Mat ganz vill Léift gemaach sin déi schéi Parzelläinspopen an Teddybieren, déi d' Sonja Andring an d' Renée Hutmacher nach haut a mar an der Kellerei Bernard-Massard zu Gréiwemaacher ausstellen

(Photo: Jos Schroeder)

Et ass eng häerlech Ausstellung, déi een nach haut Samschdeg a muer Sonndeg, all Kéier tëscht 14.30 an 18.30 Auer, an der Kellerei Bernard-Massard zu Gréiwemaacher kucken kann. Do stellen d' Renée Hutmacher an d' Sonja Andring namlech hir neist Parzelläinspopen an Teddybieren aus. Ma wann een dat esou liest, kann ee sech ägentlech guer kee Bild maache, vun deem, wat an deem heemelege Caveau gebuede gëtt. Déi 39 „Pupa-Petzen“ vum René

Hutmacher si richtig Perséinlechee mat Nimm ewei „De Fescher - Henry Miller - Tristan - Isolde - Den Architekt - De Wenzler (hien d'äffer op der Musel net feelen) - de Pater Emile - d'Wäschfra“ an nach vill aner. An déi 31 Biere vum Sonja Andring stin de „Pupa-Petzen“ an näischt no. Do „liewen“ de Sherlock Holmes, de Bacchus (och hien huet eppes op der Musel ze sichen), eng Waikinnigin, e Museljong an de Clown Coco, fir emol nemmen déi ervirzehiewen.

Enner deenen zwoelf Parzelläinspopen vum Sonja Andring kann een zum Beispill Waigeeschter begéinen, an déi eefel Meeschterwierker vum Renée Hutmacher waarde mat klangvollen Nimm op: Swenja, Kayla...

Jee, et si Poppen a Petze, fir sech dran ze verléiwen, déi ee bewonnere kann. A jiddereen, deen de Wee an d'Kellerei Bernard-Massard fennt, waert och wuel vun deene schéine Kleeder schwätzen, déi mat Gout gemaach sin a vun deene léiwe Gesichter, déi eppes ausdrécken. Wann een dann nach seet, dat och den Décor immens gutt passt, da versteeet een, dat de Responsable vum „Service touristique“ vun der Kellerei an der Waistrooss, Christian Coljon, beim Vernissage, bei deem och de Buergermeeschter Norbert Konter mat anere Gemengevertreider an den Deche Fons Lichter derbai waren, gesot huet: „Vläicht kann een an deser flotter Ausstellung e kleng Frend fannen, fir matzuelen a sech esou a seng Kannerzait zréck ze versetzen...“

D'Ausstellung „Porzelläinspopen an Teddybieren“ ass, wéi gesot, nach haut a muer op, all Kéier tëscht 14.30 an 18.30 Auer.

m.h.



(Photo: Jos Schroeder)

**Grevenmacher** Antoine Thewes, der in Grevenmacher geboren wurde und heute im dortigen Altersheim seinen Lebensabend verbringt, feierte am Donnerstag seinen 90. Geburtstag. Neben den Familienangehörigen zählten Personal und Direktion des Altersheimes ebenso zu den Gratulanten als auch der Grevenmacher Schöffenrat, der mit Bürgermeister Norbert Konter sowie den beiden Schöffen Jacques Haas und René Haas anwesend war, um im Namen der Stadt Grevenmacher dem Jubilär die besten Glückwünsche zu überbringen und ein herrliches Blumenarrangement zu überreichen. j.schr.

## NOTIZBLOCK

**Haller.** - Gottesdengschturnung. Mar Sonndeg, am 10.30 Auer, Houmass.

**Meechten.** - Gymnastik. D'Fraen a Mammen organisieren vum 8. November un all Méindeg vum 20 bis 21 Auer an der Sportshal (11, rue de l'Eglise) Gymnastik fir all Alter. Reisegeiere an umelle iwwer den Tel. 75 02 77.

**Mertert.** - Monatsmarkt. Am Mittwoch, dem 3. November, ist von 8 bis 18 Uhr Markt in Mertert.

**Mondorf-les-Bains.** - Excursions en bus. Au cours du mois de novembre, le Syndicat d'initiative organise dans le cadre de l'animation touristique quatre excursions en bus. Le jeudi 4 novembre, visite du musée rural à Pep-pange; le jeudi 11 novembre, visite de la fromagerie, de la ferme à Berdorf et de la ville d'Echternach; le jeudi 18 novembre, visite de la «Maison du parc» à Esch/Sûre; le jeudi 25 novembre, visite

de la cristallerie à Wadgassen et de la ville de Merzig. Les départs auront lieu à 14 heures avenue François Clement à côté du restaurant-pizzeria Vitali et à 14 05 heures près du couvent Ste-Elisabeth. Les excursions seront commentées par Irène Kohner-Lommel, animatrice touristique. Frais de participation: 350 F. Les inscriptions se font au bureau du Syndicat d'initiative ou à l'Info-Point du Centre thermal et de santé.

## Amiperas

**Beftort.** - D'Amiperas-Sektoun Beftort invitéiert hir Memberen op d'Porte ouverte, déi e Mëttwoch, den 3. November, vu 14.30 Auer un am Kummelsbau ass. D'„Journée du grand âge“ ass e Sonndeg, de 14. November, am „Hôtel Meyer“.

**eng KLACK fir eis Sprooch** 55

**AKTOIUN LËTZEBUGESCH - EIS SPROOCH**  
Adressen: Breedewae, 21 L-1917 Lëtzebuerg  
Postkëscht 98 L-2010  
Telephone 47 06 12 Fax 22 24 90 / 45 83 89 / Postscheck: 6644-48  
Cotisation/Mëmbler: 500 Frang d'Jor



**Redaktioun vun dëser KLACK:**  
Lex Roth, Paul Wilmes, Roby Zenner  
an de Comité vun der Actioun - Lëtzebugesch  
Nächst Klack (56): 27.11.1999

## e Kado fir d'Ekipp?

**L.R.** - Mir ginn duerch eise Schoul-System vu 6 Jor u gewinnt, mat zwo grouse Friemsproochen ëmzegen, an zwar mam Däitschen a Franséischen. E ganz groussen Deel vun äis kritt och vun 12 Jor u Kontakt mam Engleschen. Dat ass fir äis e groussen Advantage um Gebitt vun de Sproochen, a mir sinn déi eenzeg EU-Europäer, déi sech deen „Luxus“ leeschte kënnen, sollen... a mussen! Mir Lëtzeburger gi fir déi Sprooch-Situatioun vun e sëlliche Leit aus dem Ausland beneit, a mir dierfen em Gottesbiddeswëll net (och nach) doru fréckele goen.

Wa mir an deem Streech da vun der Schreifweis fir eis Sprooch schwätzen, komme mir verstännegerweis net derlaanscht, fir un déi vill „friem“ Wiederer ze denken, déi et ganz normal an eiser Sprooch gëtt, apaart déi däitsch an déi franséisch. Dogéint huet jo och keen eppes, soulaang net mutwëlles eise gewuessener a gestackter Ausdréck domat futti gemaach ginn: schnell/séier-of/dacks-inwendig/bannendran- andauernd/an engem Stéck- Glatäis/Glätz- ausserhalb/ bausst... kuckt an eiser Heft „Gréng a rout Lëschen“, dat Dir nach ëmmer kënt iwer Telephon bestellen (470-612); do fannt Dir honnerte vu Beispiller.

Mir hunn net nëmme däitsch Ausdréck an eiser Sprooch, mä natierlech och - an dat e Gléck! - franséischer, grad ewei englescher, italiénescher a vill aner. Mä hei stellt sech dacks d'Fro, wéi mir déi da sollen am Lëtzebugesche schreiwen. Do schéngt mir d'Antwort ganz einfach: Schreift se esou wéi an deer Sprooch, aus deer se kommen, a fäerdig. Domat kritt d' Lëtzebugesch am Geschriwwenen e Gesicht, bei dem deen „Germano-Romano-Mix“ passt, dee mir schwätzen, an nach eng Kéier: dat deet eiser Sprooch guer a glat net wéi. An deem Fall bleift e Cadeau e Cadeau, an et gëtt keen „Kado“ draus, well soss muss mir och aus der Equipe eng „Ekipp“ maachen, aus dem Boulevard en „Bull-war“, aus engem Pneu en „Pnö“, aus dem Container en „Kontéiner“, aus dem Computer en „Komputer“ oder „merci“ konsequenterweis „merssi“ schreiwen, an aus dem Caissier e Fuesbok à la „Keesje“ maachen; Kéis! Solle mir dann och nach aus Spaghettien elo „Schbagettie“ kniwvelen, oder missen dee koppege „Kuraasch“ fir eppes knätzelen, dat de Brecht am Däitsche klipp a klor (Mutter) Courage“ geschriwwen huet. Ennert dem Stréich heescht dat zu gudder Lescht ganz däitlech: Wann e friemt Wuert an eiser Sprooch grad esou wéi a senger Stack-Sprooch geschwat gëtt, da bleift et och am Lëtzebugeschen dora stoen. Wann et sech an der Aussprooch hei bei äis vill géännert huet, da kann een et roueg mat sengem lëtzebugesche „Gesicht“ schreiwen (jeton/Stong - beefsteak/ Büffdeck - arbitre/ Abitter...).


Et bleift nach eppes anescht: Schreibe mir „Bureau“ oder „Büro“? Dat ass der Fall ee vu villen, wou e franséisch Wuert och am Däitsche gebraucht gëtt an do eng Schreifweis kritt huet. Verstännegerweis soll een do jiddereen an eiser Orthographie gewäerde loosseen, well mir déi zwo Schreiftsprooch jo souwiesou am Gebrauch hunn.

An eise Blietche fir d'Schreifweis steet klor an däitlech, mat Toleranz an e bësse Gespéich wier hei méi ze erreeche wéi mat dem „bëise Féngerchen“ a Méckepéilereien; et soll keen eis Schreifweis „fäerten“, mä roueg emol drop lass schreiwen.

**Eis Sprooch um DNR • 102,9 an 104,2**  
Vu méindes bis freides, all Dag mueres um 9.20 Auer  
eng Minutt fir eis Sprooch, Är Sprooch! Iddien, Kritik, Froen a Virschléi

## 170 Jor: Tunn Meyer!

**P.W.** - Wann een an den Ufank vun der franséischer oder däitscher Litteratur kucke geet, da begéint een do Dichter, déi haut als „Pionnéier“ héichgehal a geeiert ginn, net onbedéngt weinst der Qualitéit vun deem, wat si geschriwwen hun. An eiser Sprooch geschitt dat mam „Papp“ vum geschriwwene Lëtzebugesche mat e puer Stroosseschëlter; et sief dann d' Stad Lëtzebuerg errennt sech eng Kéier mat enger Plack an der „rue Chimay“ un hire Jong, den Tunn Meyer aus der Draikinneks-gaass, deen do 1801 an der „Am-poleongzait“ op d'Welt komm ass, an 1829 dat alleréisch Buch op Lëtzebugesch erausginn huet. Wa mir vun engem „Buch“ schwätzen, dann ass domat en „Zigarettebichelche“ vu 36 Saitercher gemengt, Format 14.8 x 9.3 cm; et ass 4mm déck a weit genee 28 Gramm... mä et ass nun emol den Ufank vun der Litteratur an eiser Sprooch; et war just 37 Mol verkaaft ginn, wéi den Tunn Meyer äis et a sengem zweete Bichelche vun 1832 seet.



den Dicks an de Lentz sinn nach I-Butze gewiescht; „d'Mumm Séiss“ ass ronn 30 Jor an de „Reenert“ 43 Jor méi jonk wéi dem Meyer säi „Schréck op de Lëtzebuger Parnassus“... ganz bestëmmt hat hien domat och anere Leit Courage gemaach, fir eppes an eiser Sprooch ze schreiwen an erauszeginn (Diedenhoven, Gangler asw.); eis Jeeër giffe soen, hie wier den „Unzéckert“ vum geschriwwene Lëtzebugesch. Vläicht kennt e Litteraturhistoriker vum Talent a Format vum Professor Roger Muller erausfannen, ob de Michel Lentz, de Bäckesch-Jong aus deerselwechter Gaass, de Meyer op irdgendeng Manéier kann huet...wie weess? Op jidfer Fall sinn den Dicks (vum Knuedler), de Lentz an de Meyer ganz klor Nopeschjonge gewiescht; ower deem eische säi Papp (Ignace de la Fontaine) war e ganz décken Här, deem zweete säin äis Bäcker gewiescht, an dem Meyer säin huet bestëmmt deenen aneren zwoen hir Schong ersielt. Mir wollten op jidfer Fall, fir déi 170 Jor vum eische Buch an eiser Sprooch, mat eiser Merci a Respekt un den „Anton Meyer erënneren... esou wéi Ar Actioun-Lëtzebugesch dat, zesumme mat eiser Post, ewell 1979 mat dem Timber gemaach huet, deen Dir an deser KLACK gesitt.

## Korrekturprogramm!

**AL** - Elo, wou eis Schreifweis héich-offiziell festgeluegt a -geschriwwen ginn ass, kënn et roueg drun denken, och de Computer a seng enorm Meiglecheete mat op dat Gebitt ze zeien. Mir wëssen, dat dat vill méi séier, a vrun allem méi belleg gesot ass ewei an d'Praxis emgesat. Et ass nun emol eng spezialiséiert Spezialistesaa, an et kascht eng zollitt Staang Geld...mä da loosst mer emol eng Grummel iwwerleeren a vrun allem vergläichen. Wat kaschten aner Saache fir d'Kultur a fir de Sport, wou d'Millioune mat den Honnerten dra gestach ginn, a wougeint Ar Actioun-Lëtzebugesch bestëmmt näischt huet...mä mir gi just e bësse geesch, wa fir eis Sprooch ze vill knéckep op den Dibbelche gekuckt gëtt. Ganz bestëmmt op d'Kasche vun eiser Identitéit an eise Kanner hirem „Patrimoine“!

gefallen, fir si, vun deem oder deem egal wat fir ieselzeg Gemengheeten an d'Kapp gehait ze kréien; mir hu mat eiser Actioun ower an 29 Jor esou vill erreecht, datt ee vun enger Generatioun méi al eis Sproochsituatioun net méi giff eremkenn!

Wa mir äis elo konsequent bleiwen, wou och d'Aarbechte fir déi geplangt Dictionnaire vun Lëtzebugesche ferm am Gaang sinn, da giff e Korrekturprogramm fir eis Orthographie eng „Bomm“ ginn, fir wessenshaftlech, schréiftsterech, schoulmeisseg, pressemeisseg a privat Schreiwereien.

Wier dat net eng zergutttert Saach, fir d'Klensch „zu Brëssel“ ze drécken...d'Madame Viviane Reding misst, als freieren „Rapporteur“ vum eise Sproochgesetz (1984), dach dat néidegt Versteedemoch dofir hunn „Da loosst mer emol geien“, sot de Spillmann. An näischt fir ongutt.

## Dreck oder Müll?

**R.Z.** - Gewëss, mir schwätze léiwer vu méi schéinen a proppere Saache wéi vun deem Allerellensten, dat et rondrem äis gëtt: dem Dreck. Schonn als Kanner hu mir all gudden Dag vun eiser Mamm gesot kritt, mir solle keen Dreck mat an d'Stuff bréngen, den Dreck an d'Dreckskecht geheien, beim Spillen oppassen, datt mir äis net ze dreckeg gënge maachen, an net wéi Drecksvulle päifen, soss giff et Reen an Dreckswierder.

Natierlech ass och alt emol an engem anere Sënn vun Dreck rieds gaang, deen am Däitsche Schund genant gëtt, an deem mir am Jéineschen als „Schont“ begéinen: Wat bréngt déi Zeitung en Dreck (Drecksblat)! Wat fir en Dreck bréngs du dann do mat! Déi zwo Politiker hu sech mat Dreck gehait... Hautjesdaags hu mir ower mat eise Gebrauch vum Ausdrock „Dreck“ net méi sennerlech vill ze dinn. An de leschten 20 Jor ass aus dem Dreck „Müll“ ginn, a mir hunn eng „Müllabfuhr“, e „Müllsyndikat“, „Sperrmüll“, „Müllemeren/Mülltonnen“. De Müll schéngt méi elegant a manner knascht wéi den Dreck, dofir sinn eis Dreckskeschten, den Drecksauto, d'Drecksmanercher praktesch verschwon... mä wéi heescht et am Sproch: „Wann den Dreck Mescht gëtt, da léisst hien sech feieren!“ Oder vläicht „Müll“ nennen.

## Här Aloyse Raths,

Dir huet am „RAPPEL“, der Zaitschreft vun eiser Resistenz an den Deportierten, ewell vun Ufank un drop gehait, dat eis Sprooch an deer honorabeler Publikatioun nach immer eng Eiereplaz kritt huet. Déi alleramst Leit wessen ower, datt Dir och jorelang berufflech bei der Formatioun vun eise jonke Schoulmeeschteren a Léierinnen eng flaisseg an intelligent Aarbecht fir eise geschriwwene Lëtzebugesch geleest huet, déi nach haut an eise Primarschoul en fein „Press“ huet. Eis Prenzkaner hunn an de 60er Jore bei Iech als hirem Schoulmeeschter eng gutt Partie vun hirem Lëtzebugesche matkritt. Dir huet Iech och elo virgeholl, eis Schreifweis am offiziellen Organ vun der Resistenz ausserneen ze dinn. Dat alles verdéngt eise Respekt.

Mir vergiessen äis Actioun-Lëtzebugesch ower och eent net: An „Are“ Bureaue vum Conseil national de la resistance, an dem Fortuna-Gebai bei der Garer Kierch, huet 1971 d'Wei vun eiser Actioun-Lëtzebugesch en eischt „Kannerzëmmer“ offréiert kritt. Dat war deemools guer a glat net esou „evident“, mä haut, wou dat Këndchen e schéine lieweng a maanse Karel ginn ass, wëlle mir Äre Verdéngsch fir eis Sprooch offiziell eraushiewen, an zwar mat der selwer Eiere-Plack vun eiser Actioun, déi mir Iech am November feierlech ginn.

## Uertschaftsnimm...

**AL** - Zënter dem leschte Jor stinn all eis Uertschaftsnimm gréng gedréckt niert oder ennert dem „offiziellen“ Numm. Dat ass eng Saach, fir déi een eiser Post an hirer „Editus“ net genuch merci ka soen...datt huet iwwerhaapt näischt mat anere Stéppelereien ze dinn. Fir „d'Buch 2000“ ass d' Schreifweis nogekuckt ginn, an Ar Actioun-Lëtzebugesch huet dat an d' Rei gemaach. Wann an deem Sënn nach sollte Reklamatiounen do sinn, da sot äis dat, a mir bëien et richt. Op jidfer Fall huet elo egal wien d' Meiglecheete, de lëtzebugesche Stack-Numm vun all Uertschaft ze fannen an och richteg ze schreiwen... deemno och keng Ausried méi fir déi bekannt „Kuebereien“ op Radio an Televisioun. Merci Post a merci „Editus“! Mir si mat Iech iwwerzeegt, datt de Actioun och e gutt Stéck ass, fir eis Identitéit an der Riicht ze halen, dir net?